

Ried Fräihandel

Vum CSV-Deputéierten Laurent Mosar, 18.04.2018

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

mat senger Décisioun, Strofzöll um Import vu gewëssene Wueren an den USA opzehiewen, huet den US-Präsident Trump en Handelskrich vum Zonk gebrach, deen der Wirtschaft an den USA, mee awer och d'äer globaler schueden kann. Déi vun den USA agefouert Taxën op Stol an Aluminium waren u sech nëmmen den Optakt. Entretemps schéngt den Handelskonflikt ze eskaléieren.

Aktuell ënnersicht den zoustännegen amerikanesche Ministère 1.300 Produktlinien aus China, virun aus dem Tech-Segment, a wëll an de nächsten Deeg verkënnegen, wat fir eng Gidder wäerten zukünfteg mat wat fir enge Stroftaxën beluecht ginn.

Datt Peking elo ebenfalls Importer aus den USA aschränke wëllt, ass net iwwerraschend. Et ass déi üblech Entwécklung an engem Handelskrich. Genee duerfir ass et wichteg, fir d'Konfliktspirale guer net réischt unzekierbelën. Wëll wa se bis dréint, ass se nëmme ganz schwéier ze bremsen.

Här Präsident,

zwou Saachen sinn hei wichteg:

Fir d'aller éischt hunn d'USA d'Europäesch Unioun, wéi och eng Rei aner Staaten, vun dësen Strofzöllen ausgeholl. Dëst ass a sech e gudd Zeechen. Wëll de Präsident Trump a senger Aussen- an Handespolitik bis elo als extrem onberechenbar opgefall ass, heescht dat awer och, hien hält d'Drohkuliss wieder oprecht. Dacks ass déi nächste Iwwerraschung just een Tweet ewëch.

Zwweetens: mir schwätzen - zumindest am Moment nach – vu relativ klengen Beräicher, wann ee virun allem d'Importer vu Stol an Aluminium kuckt. Och wann dat fir eist Land, dat jo och nach eng Industrienatioun ass a wëll bleiwen, sécherlech net onproblematesch ass.

Nach muss een awer objektiv festhaalen, datt d'USA am Joer Stol am Géigewert vu ronn 30 Milliarden US-Dollar importéieren. En contrepartie maachen déi betraffe chinesesch Produiten an der globaler Somme ronn 60 Milliarden Dollar

oder 0,1 Prozent vum chinesisches BIP aus. Dëst ass keng Lapalie. Et ass awer och nach net d'Enn vun der Welt.

Här Präsident,

fir d'Mäert weltwäit stellen sech awer eng Rei Froen, déi méi akkut sinn. Och fir d'Europäesch Unioun a fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft: Nämlech wéi wäit gëtt d'Spiral vun der Eskalatioun, vun där ech elo grad scho geschwat hunn, gedréit vun der US-Administratioun? A wéi lang bleiwen d'Handelsbarrièren bestoen?

Dir kënnt Iech séchher nach drun erënneren, wéi den George W. Bush 2002 Taxën op Stol an Aluminium agefouert huet. Mat wéineg Succès. Während an der US-Stolindustrie kaum Arbeitsplazen geschaaf gi sinn, sou sinn aner Branchen awer wéinst méi héiche Präiser an d'Knéie gang. Ënnert dem Stréch hunn déi Mesurën d'US-Gesellschaft iwwer 200.000 Arbeitsplazen kascht. 18 Méint méi spët sinn dëss Taxën och rëm ofgeschaaft ginn.

Duerfir gëllt: En Handelskrich kënnt keng Gewënner! An et kënnt dobäi: de Präis vun engem Handelskonflikt bezillt ëmmer dat schwächste Glied an der Handelsketten. Also déi Beschäftegt.

Wa sech grouss Wirtschaftsreim géigesäiteg mat protektionistesche Mesurën héichschaukeln, da gëtt et séier knaschteg. En Handelskrich brengt d'Gefoer mat sech, datt souguer eng rieseg Wirtschaftsmuecht wéi d'USA riskéiert an eng Rezession ze stierzen. Wëll d'Taxën maachen d'Wuere méi deier. D'Zënse ginn an d'Luut. An déi wirtschaftlech Dynamik an de Keller.

Virun dësem Hannergrond riskéiert et och op den Aktiemäert zu Abrëch ze kommen, déi weltwäit zu enger neier Finanz- a Wirtschaftskris kënne féieren. Op dëss Gefoer huet jo och d'OECD räzent higewissen. A wa mer ëppes am Moment net brauchen, ass et nach eng weider Kris!

Här Präsident,

wat bedeit dat do elo alles fir d'Europäesch Unioun, awer och ganz besonnësch fir eist Land?

Fir d'éischt muss een jo da festhaalen, datt bis den 1. Mee d'Trump-Administratioun dëss Strof-Taxën géint iwwer der EU ausgesat huet. Duerno awer ass nach näischt kloer.

Op där anerer Säit halen d'USA un de Stroftaxën géintiwwer China fest, wëll laut der Versioun Trump, China déi amerikanesch Wirtschaft giff ruinéieren. D'Gefoer besteet, datt d'Administratioun Trump versiche wäert, d'EU als Partner an engem Wirtschaftskrich géint China mat u Bord ze kréien.

Fairerweis muss ee festhalen, datt China mat den Dumpingpräiser am Stolberäich och dem gesamten europäesche Stolsecteur – an domadden och Lëtzebuerg - et momentan net einfach mecht. Dobäi kënnt, datt d'EU net zefridden ass, mat der Protektioun vun europäeschen Héichtechnologien géintiwwer chineseschen Entreprises. An och den Accès vun eisen Entreprises a China ass zum Deel nach net garantéiert. D'EU hätt also eng Rei objektiv Grënn, fir och géigeniwwer China d'Schrauwen unzezéien.

Mee och hei ginn et eng positiv Zeechen aus Richtung Peking, wat elo den Import vun Autoën – hei sollen Douanestaxën jo rofgesat ginn -, awer och d'Kapitalmäert an d'Investitiounskonditiounen uginn. Weider begréissenswert ass och d'Annonce vu China, fir de Yuan net ofzewerten.

Här Präsident,

Dëst ass ëmsou méi begréissenswert, well Europa méi enk wéi anerer mam Handelspartner China verbonnen ass. Schlësselindustriëen wéi d'Autosindustrie sinn ofhängeg vum boomenden Autosmaart an Asien, awer ganz besonnesch a China.

Och vu Lëtzebuerg kënnent d'USA e Spagat froen, dee fir eis schwéierlech matzedroen wäer, wëll och hei China säit Joeren massiv investéiert. Iwwert d'Banken, awer och iwwer Héichtechnologie-Firmen wéi IEE, déi chinesesch Investisseurën iwwerholl hunn.

Et kann also och eis, Här Präsident, net egal sinn, wéi d'Amerikaner géintiwwer China wäerte verfuere. An d'Gefoer besteet, datt d'Europäesch Unioun an och eist Land zwëschent den Interessien vun den USA a China riskéieren zerriwwen ze ginn.

Dobäi kommen zwee substanzuell Riskën, déi och eist Land direkt kënnent betreffen: D'Stol-Sanktiounen vu Washington géintiwwer China kinnten derzou féieren, datt Produkter aus Drëttlänner, déi net méi kënnen an d'USA exportéiert ginn, rëm zeréck an Europa kommen. Mat Auswierkungen op Präiser a Margen.

De Käer vum Problem bleiwt nämlech déi weltwäit Iwwerkapazitéit beim Stol. Onofhängeg vum Handelskrich zwëschent den USA, der EU a China muss esou oder esou eng Léisung fond ginn, wat dës Iwwerkapazitéiten beim Stol ubetreffen, wa mer an Zukunt rëm wëlle fair Handelsmoosnahmen an e korrekt funktionéierende Stalmart rëmfannen. Hei muss deemno virun allem um Niveau vum G20 weider no politesche Léisunge gesicht ginn. Dëse Prozess leeft jo schon zanter enger Rei vu Joeren, och zesumme mat China.

Deen anere Risiko ass deen, datt China wäert Géigemoosnahmen huelen, wat landwirtschaftlech Produiten, déi aus den USA a China exportéiert ginn, ubetrëfft. Hei besteet d'Gefoer, datt Washington dann am Géigenzuch landwirtschaftlech Produiten nach méi staark subventionéiert, wat dann och rëm Problemer fir europäesch landwirtschaftlech Produiten am Export wäert maachen. Vun de Konsequenzen op landwirtschaftlech Produiten aus den Entwécklungslänner netz e schwätzen.

Als Conclusioun, Här Prääsident, Här Minister, ass d'Gefoer also net gebannt, wa just déi ugeduechte Stroftaxen vis-à-vis vun der Europäescher Unioun am Stol an Aluminium elo mol op Äis geluecht ginn.

Duerfir ass et begréissenswert, datt d'EU sech elo direkt un d'WTO geriecht huet an op dëser Plaz offiziell géint d'US-Mesuren protestéiert. D'Kommissioun fuerdert elo eng Schlichtungsprozedur a wëll definitiv vun de Schutzzöllen ausgeholl ginn. Mee dat kënne just kuerzfristeg Iwwergangsléisunge sinn. Mëttel- a langfristeg mussen mir op de Wee vum Multilateralismus zeréckfannen. Europa muss hei eng Vermëttlerroll spillen.

Här Prääsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

A wann ech scho beim Multilateralismus sinn, well ech nach eng Kéier op déi generell Thematik vun der Welthandelsorganisatioun WTO zeréckkommen. Et schengt esou ze sinn, wéi wann d'Chinesen e Recours bei dëser WTO ugekënnegt hunn géint d'Moosnahmen vun der Trump-Administratioun.

Ech hu nämlech fundamental e Problem domadden, datt dee gesamte Fräihandel am Gange nass, sech ëmmer méi bilateral ze organiséieren a mer ëmmer méi wäit ewech kommen vun engem multilateral organiséierte Welthandel. Hei mussen mer eng grondsätzlech Debatt an der WTO féieren. De Recours vun der EU bei der WTO ass och duerfir begréissenswert.

Et geet nämlech hei och drëm, wéi sech wirtschaftlech méi schwaach Länner – an do denken ech virun allem un Afrika – iwwerhaapt nach kënnen wieren, wann an Zukunft d'Welthandelsorganisatioun just nach eng Nieweroll spillt.

Ech wëll duerfir och dem Här Aussenhandelsminister mat op de Wee ginn, datt mir och als EU den Drock héichhaalen, fir datt de Welthandel weider op engem multilaterale Niveau geregelt gëtt an eventuell Konflikter och bannent der WTO geregelt ginn. Et wäer fir eis e grouse Réckschrëtt, wann an Zukunft just nach bilateral zwëschent deene grouse Wirtschafts-Playeren an der Welt giff verhandelt ginn. Dëst giff virun allem op Käschten vun deene kleng Länner an der Welt goen.

Leider Gottes schengt et mer, datt och ëmmer méi europäesch Länner d'WTO net méi als dee wichtigste Handels-Forum ugesinn, mee aus purem Eegeninteressi och ëmmer méi op de bilaterale Wee ginn.

Eng wieder Suerg déi ech hunn, ass déi vun enger EU, déi net méi giff mat enger Stëmm an der WTO schwätzen. Wëll bis elo muss ech wierklech begréissen, datt et Europa fir eemol gelongen ass – am Géigesaz zu villen anere Beräicher vun der Aussepolitik an hei virun allem an der Syriepolitik – wierklech geschlossen op der Weltbühn opzotrieden. Duerfir musse mir elo gudd als EU oppassen, datt mir eis net – vu wem och ëmmer - auserneen dividéiere loossen!

Här Präsident,

ech wäer frou, wann den Här Minister eis e puer Äntwerten iwwert d'Strategie vu Lëtzebuerg, natierlech am Kader vun der EU giff ginn, well mir vläicht méi ze verléieren hunn an engem Handelskrich zwëschent den USA a China duerch eis enk Bezéiungen mat China. Doniewent wäer ech frou, wann och vun eiser Regierung aus vläicht eng Initiative giff kommen, wat d'Rëmbeliewung vun der Welthandelsorganisatioun ubetrëfft.

Ech wënsche mir, datt de Präsident Trump a seng Beroder agesinn, datt hiren unilaterale Wee net nëmmen katastrophal Konsequenzen huet fir d'amerikanesch, mee fir déi gesamt Weltwirtschaft. Well alleguerten d'Länner riskéieren an eng Spiral vun der Ausenanersetzung mat ragezunn ze ginn, bei där um Enn jidfereen méi schlecht do steet.

A wann et reell Problemer ginn, an déi ginn et duerch d'Automatiséierung, déi zu engem Verloscht un Arbeitsplazen wäert féieren, da muss een déi op där

richteger Plaz mat deene richtege Mesurën ugoen. Mee et muss ee wëssen, datt d'Automatiséierung an de Fräihandel zwee verschidde Puer Schong sinn an datt een deen een Problem net léist, duerch protektionistesche Moossnahmen.

Duerfir muss een déi Abschottungsstrategie vum Donald Trump oflehnen. An et wäer gudd, wann op amerikanescher Säit méi eng nuancéiert Ofweigung vun de Vir- a Nodeeler vun enger méi liberaler Handelspolitik giff gemaach ginn.

Här Prääsident, ech giff domadden wëllen ophaalen:

Wirtschaftlech Fräiheet zwëschent de Staaten, de Fräihandel an déi ekonomesch Interdependenz tëschent de Staaten verréngert Konfliktgefoer an dréit och zu enger méi friddlecher Welt bäi.

Wierkleche Fräihandel muss awer och fairen Handel sinn. An esou e faire Fräihandel dierf nie e Sens Unique sinn! Soss gëtt doraus séier eng Saackgaass. Net just am Handel komme mir just mat méi a net mat manner Multilateralismus weider!

An och wann de Welthandel net nëmmen Gewënner, mee och Verléierer mat sech brengt, sinn dach déi wirtschaftlech Fräiheet an och de Wuestum d'Garanten fir ee méi breede Wuelstand an domadden och fir méi Stabilitéit.

An dem Sënn si mir alleguerte op ee fairen a fräien Handel ugewissen.

Ech soen Iech Merci fir Äer Opmierksamkeet!